N°3157
Entrée le 04.11.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 05.11.2025
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/11/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister weiderzeleeden.**

D'*Lëtzebuerger Land* huet an engem Artikel vum 31ten Oktober beriicht, datt d'Berodungsfirma Beta Aquarii, déi vum fréiere Wirtschaftsminister Etienne Schneider gegrënnt gouf, am Joer 2024 ee Benefice vu 5,87 Milliounen Euro gemaach huet. Dës respektabel Zommen entstamen aus „Prestatiounen am Berodungsberäich".

An virege parlamentaresche Froen (n° 645 an 863) hat schonn nogefrot, wéi déi aktuell Regierung d'Relatioune mam Ex-Wirtschaftsminister a senge privatwirtschaftlechen Interessen handhaabt, wou si d'Firma Jan de Nul besicht hunn, wou den Ex-Wirtschaftsminister och am Verwaltungsrot sëtzt.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi oft huet den Ex-Wirtschaftsminister Schneider ee Kontakt tëscht Firmen an aktuelle Regierungsmemberen oder héije Staatsbeamte vermëttelt?

2. Bei wéi ville vun dëse Reunioune gouf de Kontakt op Invitatioun vum Här Schneider oder Firmen, wou den Här Schneider Participatiounen huet, geholl?

3. Goufe fir dës Reuniounen, am Kader vun de Reuniounen oder am Zesummenhang mat esou Reuniounen iergendwellech Honorairë bezuelt? Falls jo, wéi vill?

4. Wéi vill vun deene 5,87 Millioune goufen am Zesummenhang mat Visite mat der Regierung un d'Consultingfirma ausbezuelt?

5. Krute Firme vum Ex-Wirtschaftsminister oder déi vum Ex-Wirtschaftsminister berode goufen, staatlech Hëllefen oder Subsiden ausbezuelt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Deputéierten